N°4326
Entrée le 31.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4326 vum 25. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Däerf e „médecin spécialiste en médecine générale", deen zu Lëtzebuerg autoriséiert ass ze praktizéieren, legal an enger Urgence schaffen, ouni zousätzlech spezifesch Ausbildung an der Noutfallmedezin?*

*2. Gëtt et eng gesetzlech oder reglementaresch Basis, déi déi minimal Qualifikatioune festleet, fir an enger Urgence schaffen ze dierfen?*

Et ass unzemierken, dass d'Allgemeng Medezin aktuell zu Lëtzebuerg nach net als eegestänneg Spezialisatioun unerkannt ass, an et e „médecin spécialiste en médecine générale" deemno momentan nach net gëtt. En Dokter, deen eng Formatioun an der Allgemeng Medezin gemaach huet, dréit aktuell den Titel „docteur en médecine, médecin généraliste".

De Punkt 3.2 vun der Annexe vum modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 25. Januar 2019[1] gesäit vir, dass d'Dokteren déi an engem Service d'urgence am Spidol schaffen entweder iwwer eng Qualifikatioun verfügen, déi eng spezifesch Ausbildung an der Allgemeng Medezin oder an enger zu Lëtzebuerg unerkannter medezinescher Spezialitéit bescheinegt („un médecin titulaire d'un diplôme sanctionnant une formation spécifique en médecine générale ou d'une spécialité en médecine reconnue au Luxembourg"). Eng spezifesch Ausbildung an der Noutfallmedezin ass soumat net néideg. Fir an der Urgence ze schaffen, muss den Dokter reegelméisseg am Service exerzéieren, op Basis vun engem Kontrakt mam Spidol.

*3. Ass den Titel oder d'Funktioun vum „urgentiste" zu Lëtzebuerg reglementéiert? Falls jo: wéi eng Qualifikatioune sinn dofir néideg; wat ass den Ënnerscheed tëscht: der Aarbecht an der Urgence vun engem Spidol, an der offizieller Unerkennung als Spezialist an der Noutfallmedezin?*

D'Noutfallmedezin ass eng vun de 54 medezinesche Spezialisatiounen déi zu Lëtzebuerg iwwert e groussherzoglecht Reglement vum 10. Juli 2011[2] unerkannt sinn; dëst ob Basis vum modifizéierte Gesetz vum 29. Abrëll 1983[3], a fir déi eng Autorisatioun fir de Beruff auszeüben als „médecin-spécialiste" kann ausgestallt ginn. D'europäesch Formatiounen déi automatesch unerkannt ginn, stinn an den Annexe 5.1.2. a 5.1.3. vun der europäescher Directive 2005/36/CE[4]. Soulaang keng Autorisatioun fir de Beruff an der Spezialisatioun vun der Noutfallmedezin virläit, dierf en Dokter sech also och net „médecin spécialiste en médecine d'urgence" nennen. Sou wéi ënnert den Äntwerten op d'Froen 1 an 2 beschriwwen dierfen an der Urgence och aner Spezialisatiounen ewéi de „médecin-spécialiste en médecine d'urgence" schaffen.

---

[1] Règlement grand-ducal modifié du 25 janvier 2019 déterminant les exigences et les normes auxquelles doivent répondre les services hospitaliers d'urgence des hôpitaux et le service hospitalier national d'urgence pédiatrique -

[2] Règlement grand-ducal modifié du 10 juillet 2011 fixant la liste des spécialités en médecine et médecine dentaire reconnues au Luxembourg

[3] Loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire

[4] Directive 2005/36/CE relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles

*4. Wéi vill Generaliste schaffen aktuell an den Urgencë vun de Lëtzebuerger Spideeler? Wéi vill vun dëse Generalisten hu keng spezifesch zousätzlech Formatioun gemaach, déi si fir d'Aarbecht an enger Urgence qualifizéiert?*

D'Dokteren an de Spideeler schaffen op Basis vun engem „contrat d'agrément" mam jeeweilegen Etablissement. D'Spideeler geréieren hiert Personal eegestänneg a garantéieren datt d'Dokteren déi si engagéieren och déi néideg Kompetenzen a Qualifikatiounen hunn. Am Kader vun den Akkreditatiounen (ACI oder JCI), gëtt ënner anerem iwwerpréift, dass all Dokter deen an enger Urgence vun engem Lëtzebuerger Spidol schafft, fir dës Aarbecht och qualifizéiert ass.

*5. Däerf e Generalist oder en Internist, deen an enger Urgence schafft, sech offiziell „urgentiste" nennen?*

*6. Plangt d'Regierung eng gesetzlech oder reglementaresch Präzisioun betreffend de Statut an d'Konditioune fir Dokteren, déi an den Urgencë schaffen?*

Well den Terme „urgentiste" zu Lëtzebuerg keen offiziellen Titel ass, gëtt et just Autorisatioune fir de Beruff auszeüben déi et erlaben sech „médecin spécialiste en médecine d'urgence" ze nennen.

Wéi an der Äntwert op d'Fro 2 geschriwwen, gëtt et eng reglementaresch Basis betreffend d'Qualifikatiounen a Viraussetzunge fir Dokteren, déi an den Urgencë schaffen. Och de professionellen Titel „docteur en médecine, médecin-spécialiste en médecine d'urgence" ass reglementéiert an u Konditioune gebonnen.

*7. Ausser dem mémoire d'honoraires, deen en Dokter als Leeschtung un den Urgence-Patient verrechent, wéi eng finanziell Indemnitéite kritt hien zousätzlech vum Spidol fir seng Schicht an der Urgence ze maachen?*

Wéi am modifizéierte Spidolsgesetz vum 8. Mäerz 2018[5] festgeluecht, gesäit eng Konventioun tëschent dem Staat, der Fédération des hôpitaux luxembourgeois (FHL), der Association des médecins et médecins-dentistes (AMMD) an der Médecins salariés hospitaliers asbl (MSH) eng zousätzlech Indemnisatioun vir déi et erlaabt Garden an Astreinten an engem Spidol ze bezuelen. Dës Indemnisatioun déi sech op e Stonnentaux vun 10,95[6] EURO n.i.100 fir d'Garde beleeft a 4,56 EURO n.i. 100 fir d'Astreinten, gëtt un d'Spideeler ausbezuelt déi déi entspriechend geschëlt Montant'en da virun un d'Doktere gëtt déi Garden an Astreintë geleescht hunn.

[5] Loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière

[6]Artikel 2 vun der Conventioun tëschent dem Staat, der FHL, der AMMD an der MSH : *Les indemnités dues par les établissements hospitaliers aux médecins en contrepartie des gardes et des astreintes prestées sont honorées comme suit : au taux horaire de 10,95 euros n.i. 100 pour les gardes sur place prestées 24h/24 et 7j/7 ; - au taux horaire de 4,56 euros n.i. 100 pour les astreintes d'appel prestées du lundi au vendredi entre 18.00 et 7.00 heures et pour les astreintes prestées les samedis, dimanches et jours fériés légaux 24h/24 […]*

*8. Ass all Generalist d'office fäeg, an enger Urgence vun engem Spidol ze schaffen?*

Laut der aktueller gesetzlecher Basis (cf. Äntwert op d'Fro 1) dierf e Generalist an engem Service d'urgence schaffen. D'Decisioun ob e Spidol e Generalist a sengen Urgencë virgesäit oder éischter op en Dokter deen eng Spezialisatioun an der Noutfallmedezin huet zeréckgräift, läit eleng beim Spidol.

Doriwwer eraus huet e Generalist eben di spezifesch Kompetenzen déi hie qualifizéiere Patiente mat den ënnerschiddlechste Krankheetsbiller an an ënnerschiddleche Kontexter en Charge ze huelen, dorënner notamment an den Urgencen, déi sech duerch eng breetgefächert an heterogen Patienteschaft auszeechnen. Am Kader vum Gesetzesprojet n° 8778[7], deen eng Adaptatioun vum modifizéierte Gesetz vum 29. Abrëll 1983[8] virgesäit, gëtt duerfir och proposéiert d'Allgemeng Medezin als medezinesch Spezialisatioun unzeerkennen.

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[7] Projet de loi n°8778 portant modification : 1° de la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire ; 2° de la loi modifiée du 31 juillet 2020 portant organisation d'études spécialisées en médecine à l'Université du Luxembourg

[8] Loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire